1-2019-O-M-5731-01 (n°3143)

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Marc Goergen
Heure d'actualité au sujet des cours de préparation à l'Armée luxembourgeoise (COPRAL)

Lëtzebuerg, den 13te Februar 2020

1

# Motioun

**D'Deputéiertechamber,**

- Feststellend, dass d'Opnahmebedéngungen fir de Fräiwëllegendéngscht an der Arméi den Héchstalter op 26 Joer festléeën;
- Wëssend, dass den Alter vun enger Persoun net hier physesch Gesondheet erëmspigelt an dofir net als Krittär fir eng Aarbecht gëlle sollt;
- Ugesiichts vum Koalitiounsofkommes vun dëser Regierung, an deem et heescht "La lutte contre toutes formes de discrimination en constitue un élément essentiel."[1];
- Zum Zil huelend, dass all Form vun Diskriminéierungen an eiser Gesellschaft mussen ofgebaut ginn, ob tëschent Geschlechter, ob Basis vum Alter oder aaneren;

**invitéiert d'Regierung**

d'Héchstaltersbeschränkung vu 26 Joer vum Fräiwëllegendéngscht an der Arméi ofzeschafen an d'Selektioun no Krittären ze gestalten, déi den Ufuerderunge vun der Aufgab als Zaldot entspriechen.

Marc Goergen

[1] Säit 53 vum Koalitiounsaccord 2018-2023